PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, Konsumenteschutz & Interieur weiderzeleeden.

D'Chamber hat de 16 Mee 2019 am Kader vun der Debatt zum Klima eng Motioun adoptéiert fir d'Regierung opzeruffen alles ze ënnerhuele fir Lëtzebuerg zum Spëtzereider an der Offallvermeidung an Offallverwäertung ze maachen. Um Punkt 10 gëtt d'Regierung invitéiert "à assurer à ce que les collectes séparées obligatoires depuis 1994 soient mises en place partout au Luxembourg".

Dee gläichen Dag gouf eng Motioun vun de Piraten ofgeleent, déi ee konkreten Datum fir d'Aféiere vun enger grénger Poubelle am ganze Land gefuerdert hat, ënnert dem Virwand, dass de Punkt 10 vun der adoptéierter Motioun dëst géif virgesinn. D'Motioun nennt awer keen Datum bis wéini dës Mesurë mussen ëmgesat ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gemenge bidden aktuell zu Lëtzebuerg eng Gréng Poubelle un? Wéi vill Gemenge bidden nach keng gréng Poubelle un?

2. Fir wéi een Datum plangt d'Regierung eng landeswäit d'Collecte vun organeschem Offall? Wéi wäert d'Regierung bei dësem Projet virgoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député